

Résolution*La Chambre des Députés*

- constatant avec regret que les résultats de l'étude PISA effectuée par l'OECD et ayant pour but de comparer les compétences des élèves de 15 ans des différents pays de l'OECD ont montré que le système scolaire luxembourgeois
- n'est pas capable à former les élèves à niveau « normal » d'une manière adéquate,
- n'est pas capable de soutenir les élèves prometteurs/doués d'une manière effective,
- produit une quantité alarmante d'élèves se situant aux plus bas niveaux de compétence,
- ne peut pas garantir une certaine égalité de chances pour tous les élèves, indépendamment de leur origine sociale et/ou nationale;
- persuadée qu'il faut entrer dans une discussion stratégique impliquant tous les acteurs du milieu scolaire ainsi que les forces vives de la nation pour identifier les manques et besoins de notre système scolaire;
- satisfaite que la Commission de l'Education nationale et de la Formation professionnelle ait entamé cette discussion en organisant au début du mois d'avril les hearings avec les acteurs scolaires, ceci en préparation d'un débat d'orientation à la Chambre des Députés;
- espérant que les conclusions qui seront tirées lors de ce débat d'orientation connaîtront une application rapide dans la vie scolaire quotidienne;
- convaincue que l'éducation des enfants et jeunes, de ceux qui détermineront le futur du pays, mérite une attention accrue et que la Chambre des Députés doit suivre de près les évolutions du système scolaire luxembourgeois;

décide

- de procéder annuellement à un débat sur la politique d'éducation, à l'instar des débats annuels sur la politique étrangère, sur la politique de coopération et d'action humanitaire ou sur la situation des femmes.

(s.) Marc Zanussi, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch, Jos Scheuer.

M. le Président.- Mir huelen Akt vum Dépôt vun där Resolutioun.

Mir fueren elo weider mat eisem Ordre du jour a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4762, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Fonds des routes. Et si bis elo ageschriwwen déi Häre Wohlfart, Schummer, Greisen a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

7. Projet de loi 4762 modifiant et complétant**1) la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes;****2) la loi modifiée du 17 décembre 1859 sur la police des chemins de fer****Rapport de la Commission des Travaux publics**

M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Projet de loi 4762 geet et drëm d'Widderspréch aus zwee, respektiv dräi Gesetzestexter erauszehuelen a se openeen ofzestëmmen. Et betrëfft folgend dräi Gesetzer:

- zum Éischten ass et d'modifizéiert Gesetz vum 21. Mäerz 1997 iwwert d'Telekommunikatiounen,
- zum Zweeten ass et dat modifizéiert Gesetz iwwert de Fonds des routes vum 16. August 1967 an
- zum Drëtten ass et dat modifizéiert Gesetz vum 17. Dezember 1859 iwwert d'Police des chemins de fer.

De Projet 4762 modifizéiert a complétéiert deemno dës zwee lescht Gesetzer a bréngt se an Aklank mat den Dispositiounen vum Telekommunikatiounsgesetz.

De Projet ass de 6. Februar 2001 vun der Mme Baute-ministesch Erna Hennicot-Schoepges deponéiert ginn. De Projet ass an der Bautekommissioun de 7. Mäerz presentéiert an analyséiert ginn an de 14. Mäerz ass de schrëftleche Rapport ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz op dës Gesetzesprojet anzegoen. Am Artikel 34, Paragraph 1 vum Telekommunikatiounsgesetz vum 21. Mäerz 1997 ass festgehalen, datt et all Titulaire fir d'Exploitatioun vun engem Telekommunikatiounsnetz oder all Persoun, déi autoriséiert ass eng fix Verbindung oder eng Radiosverbindung ze installéieren, erlaabt ass, den Domaine public vun de Gemengen a vum Stat ze betrieden, fir déi noutwendeg Aarbechten ze verriichten, à condition datt conformément zum Artikel 35 vum deemselwechte Gesetz déi noutwendeg Autorisatiounen duerch d'Virleeë vum Plang iwwert d'Aarbechte bei den zoustännegen staatlechen wéi kommunalen Autoritéiten ugefrot gi sinn.

Den Artikel 36 aus deem Telekommunikatiounsgesetz regelt den Accès op d'Propriétéiten, déi net an den Domaine public vum Stat falen. Den Titulaire vun enger Lizenz ass an dësem Fall obligéiert, en Accord mam Privatbesëtzer ze fannen, fir seng Aarbechte kënnen duerchzeféieren.

D'Prescriptiounen, déi sech aus dem Gesetz iwwert de Fonds des routes vun 1967 erginn, gesinn an den Artikelen 4 a 5 verschidden Interdictiounen vum Accès vir an dat op den Autobunnsréseauen an a senger onmëttelbarer Ëmgéigend. Dës Prescriptiounen soen, dass keen um Domän vun der Voirie eppes dierf opriichten. Ausserhalb vum Domaine public, dee ganz oft clôturéiert ass, befënnt sech eng Zone non aedificandi vu 25 Meter Breet, op där ausser dem Stat keen eppes därerf drop maachen. D'Terrainen, déi an där Zon leien, gehéieren zum dackste Privatleit. Si ënnerleien trotzdeem de Bestëmmunge vum Gesetz iwwert de Fonds des routes vun 1967. Dëse Bauverbuert ass agefouert gi fir eng Sécherheitszon laanscht d'Autobunnen ze schafen.

D'Aarbechten, déi net vum Stat duerchgefouert ginn, kënnen also nëmmen op engem Terrain stattfannen, dee 25 Meter vun dëser Zone non aedificandi ewech ass. Iwwert dës Zon eraus fänken déi privat Propriétéitsverhältnissen un.

D'Prescriptiounen, déi am Gesetz vum 17. Dezember 1859 iwwert d'Police des chemins de fer an den Artikelen 2 a 5 enthalen sinn, gesinn eng ganz Rei vun Interdictiounen vir, déi sech op d'Konstruktiounen an d'Opstelle vun Objeten am onmëttelbaren Ëmfeld vun de Gleiser bezéien.

Den Artikel 5 gesäit vir, datt an dës Fäll eng Mindestdistanz vun zéng Meter muss agehale ginn, ausser wann een am Besëtz vun enger Permission de voirie ass, déi an d'Kompetenz vum Bauteministère fällt an déi et erlaabt an dësem Perimeter vun zéng Meter Aarbechten ze verriichten.

Hei besteet also, wéi scho gesot, e Widdersproch tëschent deenen zwee zitéierte Gesetzter an deemno war de Gesetzgeber opgeruff dës Konflikt aus dem Wee ze raumen.

Déi zwee, d'Gesetz iwwert de Fonds des routes an d'Gesetz iwwert d'Police des chemins de fer, ginn elo an deem Sënn ëmgeännert, dass net nëmmen d'Opérateure vu den Telekommunikatiounen, mä och d'Gestionnaire vun den öffentlechen Réseauen, wéi Elektresch, Gas, Waasser, elo am Kader vun enger Permission de voirie, an där d'Konditiounen genau festgehale ginn an déi vum Minister vun den Travaux publics ausgestallt gëtt, autoriséiert kënnen ginn, den Domaine public an d'Zone non aedificandi ze benotzen.

Läit eng Demande vir, fir verschidde Réseauen ze verleeën, kënnen d'Demandeure forcéiert ginn dës gemeinsam ze maachen, zum Beispill e gemeinsame Gruef ze benotzen, fir verschidde Leitungen dran ze leeën, et sief dann dat wier technesch net méiglech.

D'Autorisatioun fir d'Benotzung vum Terrain laanscht d'Eisebunn gëtt selbstverständlech vun der Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois ausgestallt. Et ass evident, datt am Kader vun der Sécherheet an der Kontinuitéit vum Autobunnsréseau a vum Schinnennetz déi nei Bestëmmunge sech net op d'Accès vun der Voirie, respektiv vun de Schinnen därerf bezéien.

De Projet de loi 4762 huet zwee Artikelen, déi de Statsrot a sengem Avis vum 22. Januar 2002 aviséiert huet. Et bleift ze soen, datt d'Bautekommissioun sech de Recommandatiounen vum Statsrot, déi zu engem groussen Deel redaktionelle Charakter haten, ugeschloss huet.

Eng wichteg Remarque vum Statsrot war, fir den Accès op den Autobunnsréseau net nëmmen op d'Opérateuren am Secteur vun den Telekommunikatiounen ze beschränken, mä och op aner Opérateure vum öffentlechen Réseau auszedehnen. Och do huet d'Kommissioun sech dem Statrot ugeschloss.

Weider ausféierlech Detailler aus dem Projet kann een aus dem schrëftlechen Rapport wéi och aus dem Projet selwer enthuelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen un, datt dës Projet keng gréisser politesch Auseinandersetzung provozéiert an dofir bieden ech lech dësem Projet, esou wéi en hei virläit, Är Zoustëmmung ze ginn. Gläichzäitig ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Georges Wohlfart agedroen. Den Här Wohlfart huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Georges Wohlfart (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de President-Rapporteur, de Kolleg Nicolas Strotz, mécht mir et einfach, well no sengem mëndlechen a schrëftlechen Bericht, wou d'Zilsetzung vum deem Gesetz am Detail beschriwwen a kommentéiert ginn, niewent deenen techneschen a finanzielle Modalitéiten, brauch een net méi vill bäizefügen.

Et ass richtig, datt am Kader vun enger europäescher, progressiver Liberalisatioun am Secteur vun der Energie, Gas, Elektresch a Waasser, an och am Secteur vun den Telekommunikatiounen, et sécher eng noutwendeg Reform ass vun deene Gesetzter, déi hien ugeschwat huet. Ech mengen, et war och richtig, datt mer als Kommissioun deene Recommandatiounen vum Conseil d'Etat Rechnung gedroen hunn, fir net nëmme kënnen d'Telekommunikatiounen laanscht d'Eisebunn ze leeën, mä och all aner Infrastrukturen, déi vun öffentlechem Notze sinn.

Dat gesot géif ech d'Zoustëmmung brénge vu menger Fraktioun fir e Gesetz, dat wahrscheinlech heibannen d'Unanimitéit wäert fannen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt dem honorablen

Här Nicolas Strotz fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport merci ze soen. Bei dësem Projet de loi handelt et sech eigentlech ëm eng Upassung vun der Gesetzgebung vum Fonds des routes an där vun der Police des chemins de fer. Déi Modifikatiounen sinn néideg ginn duerch d'Dispositioun, déi am Telekommunikationsgesetz vun 1997 festgehalen ginn ass.

D'Gesetzgeber vum Fonds des routes an och vun der Police des chemins de fer gesinn aus sécherheetstechnesche Grënn vir, dass innerhalb vun enger gewëssener Distanz, ob dat elo par rapport zur Autobunn oder zur Eisebunnstreck ass, keng Konstruktiounen däreft stattfannen, déi net vum Stat ausgefouert ginn. Bei den Autobunnen bedréit dat, wéi virdu scho gesot ginn ass, 25 Meter a bei der Eisebunn 10 Meter. Or, et ass awer esou, dass elo duerch d'Telekommunikationsgesetz vun 1997 den Titulaire vun enger Lizenz, fir en Telekommunikationsréseau ze bedreiwen, d'Recht zougesprach gëtt, fir och duerch den Domaine public ze fueren an deen ze benotzen. Fir net a Kontradiktion mat eiser Gesetzgebung ze stoen, ginn also elo déi entspriechend Gesetzgeber an deem Sënn ugepasst. Doduerch kréien d'Opérateuren d'Méiglechkeet, den Tracé vun eisem Autobunns- an Eisebunnsréseau ze benotzen, fir hir Leitungen do laanscht ze leeën.

Signaléiere muss een awer, dass mer mat där Obligation vu Bréissel gréisser Problemer an eise Gemengen an Dierfer hunn, well och do däreft mat de Leitungen eragefuer ginn a wann eng Gemeng zum Beispill alles nei gemaach huet an et kënnt en neien Opérateur, deen dat erëm alles oprappt, fir nei Kabelen ze leeën, wouduerch eis Gemenge gréisser Problemer kréien.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, meng Fraktioun ka ganz kloer mat esou enger praktescher Upassung, déi den Opérateuren d'Liewe sécher méi einfach wäert maachen, de Gemengen awer heiansdo Kappzerbrieche mécht, d'accord sinn a mir kënnen dat Gesetz och stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, ech wëll just all deene Leit merci soen, déi um Projet matgeschafft hunn an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz ginn.

M. le Président. - Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk). - Här President, ech muss meng Verwonderung ausdrécken driwwer mat wat fir enger Liichtegkeet dësen déifgräifende Projet hei an der Chamber duerchgeet. Et ass ee vun deene Punkten, déi d'Liberaliséierung, esouwuel um Gebitt vun der Tele-

kommunikatioun wéi och um Gebitt vun den Energienetzer, mat ganz brutaler Kraaft wäert weiderdreiwen.

Ëm wat geet et? Hei kréien elo déi Gesellschaften, déi am Handel - an déi Gréisst war jo déi kierzlech a Faillite gaangen, Enron - vun Energieträger dra sinn, d'Geleeënheet an d'Méiglechkeet fir den Zougank zum öffentlichen Territorium kréien, en Droit de superficie op där enger Säit an en Droit iwwert d'Stroossen op där anerer Säit, fir hir Leitungen kënnen ze leeën.

(Interruption)

Neen, déi hu se net gehat. Verschiddener hu se net gehat. Gehat hunn et zum Beispill Sudgaz, Sytragaz, Luxgaz an d'CEGEDEL natierlech, déi d'Méiglechkeet haten hiert Netz iwwer öffentlichen Terrain oder souguer duerch Expropriation kënnen auszebreeden.

Elo geet et ëm Folgendes: Bei der Liberaliséierung wësse mer, dass elo verschidde Verbraucher vun Energie éligibel ginn, dass déi also hiren Energieverbrauch kënnen decken duerch esou Handelsfirmen an déi hunn dann d'Recht fir d'Duerchleitung an deem bestehenden Netz ze hunn. Wann awer deenen dat schéngt ze deier ze sinn duerch dat bestehend Netz kënnen ze fueren, well si mussen jo e Präis dofir bezuelen, da kënnen se hir eege Leitung bauen a fir déi Leitung kënnen se dann den öffentlichen Terrain notzen oder esou, wéi dat elo hei virgesinn ass, laanscht d'Autobunnen oder laanscht d'Eisebunn.

Dat hei féiert dozou, dass mer vläicht Leitungsbau kréien an engem Ausmooss, wéi en absolut net noutwendeg ass fir d'Versuergung vun der Bevëlkerung an och vun den Industrien, an dass duerch eng wëll Konkurrenz, déi eventuell kann entstoen, an duerch e Präiskrich leschten Enns da verschiddener aus dem Maart erausgedrängt ginn an dann herno d'Präisser natierlech an d'Luucht ginn.

Mir maachen hei de Wee op, fir an eng Situatioun ze kommen wéi se a Kalifornien agetratt ass a wéi se spéiderhi mat der Enron-Faillite sech konkretiséiert huet um gesamte Gebitt vun den USA an doriwwer eraus.

Ech sinn net der Meenung, wéi Verschiddener dat hei geduecht hunn, dass dat hei unanime sollt duerch d'Parlament goen.

Et ass e Kärpunkt, deen eist gesamt Energienetz kann zersteieren an zu grouss Komplikatiounen ka féieren, doduerch dass grouss auslännesch Energiekonzerner kommen an déi bestehend Energieinfrastruktur ausser Kraaft setzen. Dofir muss ech géint dëse Gesetzprojet stëmmen.

M. le Président. - D'Wuert huet d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, d'Ministesch vun den öffentlichen Bauten.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, ech soen der Chamber merci,

dass se esou séier dëse Projet verabschiede konnt. De Rapporteur huet ganz klor explizéiert ëm wat et geet. Ech deelen d'Befierchtunge vum Här Bisdorff net, well jo schlussendlech jiddfereen, deen hei eng Autorisatioun ufroe wëllt, emol fir d'alleréisch muss eng Lizenz hunn an da muss de Bauteminister eng Permission de voirie ginn, dat heescht, de Stat ass leschten Enns nach ëmmer Meeschter iwwer säin eegenen Territoire.

An deem Sënn soen ech deenen, déi dëse Projet stëmmen, merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4762 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4762.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 53 Stëmme géint 1 a 4 Enthaltungen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Ady Jung), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

A voté non: M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: M. Aly Jaerling;

MM. Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Jean Huss.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Iertemlecherweis steet op eisem Ordre du jour den Dépôt vun enger Proposition de loi vum Här Garcia. Deen Dépôt gëtt op muer verluegt.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour sinn d'Naturalisatiounen. Fir d'Naturalisatiounen muss ech de Huis clos aussprechen.

8. Demandes en naturalisation

De Huis clos ass heimat ausgesprach.

* * *

Mir huelen déi öffentlech Sitzung erëm op.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 47 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Sou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm a Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech och mat fënnef Ännerunge vun Nimm a Virnimm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 17 avril 2002

1. AELVOET Georges Roger Joseph, né le 21 juin 1957 à Elisabethville (Congo), demeurant à Bascharage

2. ANGUELOVA Ivet, née le 1er janvier 1977 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Hesperange-Howald

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de ANGEL Yvette.

3. ANGUELOV Evgueni, né le 5 juin 1949 à Stanke Dimitrov (Bulgarie), demeurant à Howald

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de ANGEL Evgeni.

4. IKILULEVA Nadejda, née le 18 novembre 1953 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Howald

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de IKIL Nadia.

5. BELTRAME Patrick Mario, né le 30 mai 1960 à Villrupt (France), demeurant à Esch-sur-Alzette

6. COSTANTINI Marina, née le 2 octobre 1962 à Pescara (Italie), demeurant à Esch-sur-Alzette

7. COELHO MENDONÇA FREIRE Ana Maria, née le 26 février 1958 à Sao Salvador do Mundo/Santa Catarina (Cap Vert), demeurant à Pétange